

FAD - Fathers Against Discrimination asbl
"Both Parents for All Children"
29, Boulevard Prince Henri
L-1724 Luxembourg
Luxembourg

19.07.2021, Luxembourg

Police Grand-ducale
Directeur de la communication
Här Frank STOLTZ
Rue de Trèves, Complexe A
L-2632 Findel
Luxembourg


Gudden Moien Här STOLTZ,

Mäi Numm ass Patryk P. RYBIŃSKI, President vun der Associatioun FAD – Fathers Against Discrimination asbl "Both Parents for All Children", eng asbl déi hei zu Lëtzebuerg etabléiert ass.

Eis Associatioun ass gegrënnt ginn fir d' 'Chancëgläichheet fir béid Elteren ze förderen, fir d' Verletzunge vun de Kannerrechter ze stoppen, hire Wuelstand ze garantéieren, e Bewosstsinn fir Ongläichheeten ze schafen an d' Diskriminatioun zum Nodeel vun engem Elteren Deel virun de Lëtzebuurger Geriichter ze exposéieren.

Eist Ziel ass, d' Justiz op verschidden net méi zäitgeméiss Famillje Gesetzer opmierksam ze maachen, notamment am Fall vu Scheedungen an awer och duerfir ze suergen dass all Elteren Deel déi selwecht Rechter während de Verhandlung soll kréien. Mir gleewen un gläich Rechter fir béid Elteren an ënnerstëtzen souwuel Pappén wéi och Mammén fir eng gerecht Platz am Liewen vun de Kanner. D' Gläichheet tëscht den Elteren (ausser natierlech een Elteren Deel stellt eng Gefor fir d' Kand duer) ass primordial vir déi gesond emotional an physesch Evolutioun vun eisen Kanner.

Leider hunn mir awer festgestallt, dass wann Männer an Noutsituatiounen während Scheedungen oder Famillje Konflikter sinn, se kaum USPriechepartner hunn un déi si sech riichten kennen. Déi meescht, fir net ze soen all sou Associatiounen an deem Beräich këmmere sech exklusiv em Fraen an Nout, en Mann kritt seelen respektiv net déi nämlecht Ënnerstëtzung.



Mir hunn och festgestallt dass d' Fiche d'informations aux victimes déi een an Noutfäll an engem Police Kommissariat kritt, äis Associatioun net erwänt. D' Lëscht vun den Associatiounen un déi e Männer oder Pappen an Nout sech wenne kéinten ass ganz limitéiert. Oft fillen sech Männer an Pappen an Noutsituatiounen wei Scheedungen oder Famillje Konflikter verzweiwelt an wëssen net oder kréien keen Rot wei mat der Aart schwéier an traumatesch Momenter am Liewen ëmzegen.

Dofir riichten ech äis Ufro un Iech fir déi folleg Punkten:

Kéint Dir w.e.g

- FAD — Fathers Against Discrimination asbl op d' Lëscht vun den Associatiounen bäifügen, dëst souwuel op der Internetsäit vun der Police Lëtzebuerg (<https://police.public.lu/fr/aide-aux-victimes/liste-organisation.html> / <https://police.public.lu/fr/aide-aux-victimes/liste-organisation/familles-couples.html>) sou wéi och op der Lëscht vun der Fiche d'informations aux victimes, Informatiounsblatt déi d' Leit an Nout op den Kommissariat' er ausgehändegt kréien

- Eis Flyer an all Kommissariat zu Verfügung stellen (Mir géifen Iech natierlech en Exempleaire zoukommen loossen)

- Eng Affiche, do wou méiglech wier, op ze hänken.

Wann Dir elo net den richtegen Usprochpartner wiert, kéint ech Iech héiflechst bieden eist Uleies un déi Persoun oder Service weider ze leeden deen heifir zoustänneg ass.

Merci fir är Opmierksamkeet
mat beschte Gréiss,

Patryk P. RYBIŃSKI
President
FAD - Fathers Against Discrimination asbl



"Mir wëlle bleiwe wat mir sinn an mir kënnen e Beispill fir den Rescht vun Europa sinn." -
- "We want to remain what we are and we can be an example for the rest of Europe."

2